PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 18/06/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Wunnengsbau & Bildung, Kanner a Jugend weiderzeleeden.**

An der parlamentarescher Fro n°3235 vum August 2017 goufen eng Rei Froen zu der Zockersteier an anere Länner gestallt souwéi och zu enger méiglecher Aféierung vun esou enger Zockersteier hei zu Lëtzebuerg. An der deemoleger Äntwert huet et geheescht, dass et an 11 europäesche Länner schonn esou eng Steier gëtt an a véier weidere Länner zu dem Ablack doriwwer diskutéiert gouf.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Leien dem Ministère offiziell Zuelen zum Konsum vun Zocker hei zu Lëtzebuerg vir? Wa jo, wéi ass de Konsum an der Moyenne pro Awunner a huet de Ministère Zuelen doriwwer, wéi vill Prozent vum Zocker vu Persounen ënner 18 Joer consomméiert ginn?

2. Wa jo, wat fir eng Conclusiounen zitt d'Ministesch aus dëse Statistiken?

3. An der Vergaangenheet gouf et och zu Lëtzebuerg scho Fuerderungen, fir entweder eng Zockersteier anzeféieren, respektiv de Verkaf vu staark zockerhaltegem Gedrénks (Limonad, Jusen, etc.) an de schoulesche Strukture ganz ze verbidden. Verschidde Gedrénks, wéi zum Beispill Cola, dierfen a verschiddene Gebaier schonn net méi verkaaf ginn. Jusen, déi zum Deel awer och en héijen Zockergehalt opweisen, dierfen awer nach ëmmer u Schüler:inne verkaaft ginn.

   A wéi ville Schoulen a Lycéeën ginn hei am Land nach Softdrinks (Limonad, Jusen, etc.) verkaf? No wéi enge Krittäre gouf entscheet, wat fir Gedrénks nach dierf an de schoulesche Strukture verkaaf ginn a wéi eent net méi?

4. Op wéi ee Montant schätzt de Staat d'Ausgabe vun der Krankekeess all Joers fir d'Behandlung vu Krankheeten, déi an direktem Zesummenhang mat ze héijem Zockerkonsum stinn, wéi zum Beispill Typ-2-Diabetes?

5. Wéi huet d'Zuel vun de Länner, déi iwwert eng Zockersteier verfügen, zënter 2017 evoluéiert a wéi eng Resultater goufen an dëse Länner domat erreecht?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten